Villmools Merci datt Dir haut den Owend bei eis komm sidd.

Dir Dammen an Dir Hären !

Ech presentéieren Iech elo den Aktivitéitsrapport vum Interesseveräin:

De Comité huet sech d'lescht Joer no der Generalversammlung nei forméiert. Duerno si mir 4 mol zesumme komm:

mir waren e puermol mam Me Krieps zesumme wéinst dem Dossier "Ban de Gasperich"

mir waren zesumme mat Membere vum IVG bei der Mme Loschetter, Schäffe vun der Gemeng Lëtzebuerg, an dat wéinst de Spillplazen a méi speziell wéinst dem Terrain multisports an der Chevalierstrooss.

mir waren zu Bouneweg ewéi de Bilan vum Koalitiounsvertrag vun der Gemeng virgestallt ginn ass.

mir waren um Hearing wou et em d'Fixerstuff gaangen ass.

mir ware vertrueden ewéi am Theater den Hearing iwwert d'Nei Bréck vun der Gemeng an dem Ministère des Travaux publics stattfonnt huet.

mir hunn nach weider am Aarbechtsgrupp "Développement urbain, Mobilitéit an Environnement" matgeschafft, d'Leitbild also de Bilan vun den verschiddenen Aarbechtsgruppen ass spéider am Theater virgestallt gin.

mir waren zu Hollerech an der Autobusgare éwei dat neit Buskonzept virgestallt ginn ass.

Dernierft kruten mir Invitatiounen vun der Gemeng fir op der Ouverture vun den 3 Chrëschtmäert hei an der Stad deelzehuelen.

Regelmässig Invitatioune kréie mir och fir op den verschiddenen Tables rondes "vun der Délégué à l'Egalité des Chances" vun der VDL deelzehuelen.

Mir waren zu Zéisseng ewéi d'Gemeng de Chantier am Zesummenhang mat der Cogénératiounsanlag op der Cloche d'Or virgestallt huet.

Mir hunn mat dem Zéissenger Interesseveräin zesummen en Informatiounsowend organiséiert wou mir de Me Mosar sowie déi Responsabel vun der Poste agelueden haten fir eis iwwrt den digitalen Fernseh ze informéieren. Dat war e grousse Succès, mir haten eng Busnavette bestallt déi déi Gaasperecher op Zésseng an zréckbruecht huet. Vun hei aus en häerzleche Merci un déi Zéissenger fir déi gutt Zesummenaarbecht an dat net nëmme an dësem Dossier.

Mir haten e Rendez-Vous mam Marc Thoma vum Nol op de Kapp organiséiert wou och d'Usill, déi Zéissenger, Hollerecher, Garer a Lampertsbiergerinteresseveräiner sowéi e Vertrieder vun der Horesca dobäi waren a wou mir eis Bedenken eriwwerbruecht hunn wat den Iwwergang vum analogen op den digitalen Fernseh ubelaangt.

Mir waren eng Kéier am comité de prévention élargi op der Gemeng wou et nach ëmmer em de selwechte Problem gaangen ass : d'Sécherheet an der Stad mat allen Sozialproblemer, déi mir kennen. Leider gi mir muer eréischt gewuer, wou d'Fixerstuff schlussendlech soll hikommen. D'Gemeng huet e comité de prévention ageruff fir den 21.2., wou mir bis elo nach keng Invitatioun kritt hun, obwuel mir eng hätte misse kréien, well mir jo och zu Bouneweg 2004 réklaméiert hatten, dat heescht, dee comité kënnt zesummen, nodeem dat bekannt ass wat ausgeklügelt ginn ass; et ass ewéi ëmmer, moutarde après dîner, ëppes ass ganz sécher: no dem Hearing 2004 zu Bouneweg ass näischt geschitt an d'Situatioun aggravéiert sech. D'Vertrieder vun Gaasperech, Zéisseng, Hollerech an der Gare hunn sech och eng Kéier mat der "Stëmm vu Bouneweg" getraff a mir hunn zesumme berode, wat een an dësem Dossier maache kann .

Mir waren an de Versammlunge vun der Union des syndicats d'intérêts locaux vun der Stad Lëtzebuerg vertrueden. Mir si jo säit dem leschte Joer am Conseil d'administration vun der Usill vertruede, an dat duerch meng Wéinegkeet.

Mir waren op e puer Réuniounen a Virträg am « Haus vun der Natur » op der Kockelscheier

Den 10. November hate mir e Kabaretsowend organiséiert mat den Makadammen, déi eis e flotte Programm présentéiert hunn. Well si 2 Joer laang, deselwechte Programm présentéieren, versiche mir si 2009 erëm op Gaasperech ze kréien.

An ech freeë mech Iech haut soen ze kënnen, datt mir den 15. November 2008 erëm eppes organiséieren an zwar kommen d'"Bänkelsänger" vun Ettelbréck bei eis.

En härzlech Merci deene Geschäftsleit an och Privatpersounen, déi eis gehollef hunn, eng flott Tombola ze organiséiere.

Dann hate mir den 9. Dezember e Benefizconcert an der Kierch, dee présentéiert vun der Militärmusek gouf. Den Erléis heivunnner ass fir d'asbl Rahna, Muppen ennerstëtze Leit am Rollstull. D'Militärmusek kënnt déi nächste Kéier, den 29. November 2009 op Gaasperech, deen Datum steet schon fest. Vun hei aus dem Här Paschtouer villmols Merci, datt hien eis d'Kierch fir dësen Zweck zur Verfügung stellt.

Mat de Veräiner hu mir eis 1x getraff fir de Manifestatiounskalenner ze préparéieren – Mir hunn d'Journée commémorative organiséiert an um Chrëschtmaart zesumme mat den anere Veräiner Deel geholl. Mir ware bei deene Veräiner vertrueden, déi eis eng Invitatioun op hir Generalversammlung geschéckt hunn. Mir ware op der Inauguratioun vun de Scouten hirem neien Home. Wat de Kalënner ubetrëfft, muss ech soen dat mir do no enger anerer Léisung musse sichen: fir d'éischt schreiwe mir Juli/August Veräiner un, datt si eis hir Datumer solle soen, dann ass Mëtt September eng Réunioun mat hinnen, wou mindestens d'Halschend hir Datumer nach nët era ginn huet, dann muss bannen e puer Deeg d'Drëckerei d'Virlag kréien an dann wann déi zréck kënnt, da gëtt se kontrolléiert a fir Ufanks Oktober leien d'Kalenneren an de Boîten vum Quartier.
Dëst Joer musse mir awer feststellen, dass verschidde Veräiner, an net wéineg, hir Datumer vun hiren Versammlungen oder Manifestatiounen après coup geännert hunn, sou dat mir eis froe op dat Ganzt nach e Sënn mécht... et kascht jo och nach Souen an et ass mat engem groussen Aarbechtsopwand verbonnen. Wou mir guer net frou driwwer sinn, dat ass dat haut den Owend d'Frënn vun de Scoute eng Versammlung mat den anere Veraïner ageruff hunn fir de Bilan vum Chrëschtmaart ze présentéieren, dat ass fir mech perséinlech eng grouss Enttäuschung.... den IVG huet um Chrëschtmaart all Joer matgemaach an huet déi gréisste Recette vun deem Dag gemaach, an dat ass d'TOMBOLA..

En häerzleche Merci geet un déi Leit a Vertrieder vun de Veräiner, déi eis bei verschiddene Geleeënheeten hëllefen an wou hinne keng Méi zevill ass, fir eng Hand mat unzepaken, sief et fir Infoblieder auszedroen, d'Bréidercher ze maachen oder an der Kichen oder am Service ze hëllefen. Ech wëll se net nennen fir keen ze vergiessen...

Éier ech op den Detail vun eise verschiddene Korrespondenze giff eriwwergoe, wëll ech awer kuerz den dossier "Ban de Gasperich" uspriechen. Den Me Krieps gëtt Iech herno nach Détailer derzou.

Wéi der vleicht wësst, huet d'Tribunal administratif eis net Recht ginn a gemengt, mir hätten keen "interêt à agir".

Wann awer iwwert eis dynamesch Stad Bilan op Der Gemeng gezun gëtt a wann et dann em déi spéider Projeten am Wunnengsbau geet, fällt et op, dass de "Ban de Gasperich" net mat opgezielt ass, mä hien ëmmer erëm ernimmt gëtt, wann déi administratif Gebeier opgezielt ginn, wat jo dann och den Extrait aus der partie écrite vun den Änneruungen vum Bebauungsplang confirméiert, wou steet, datt de logement ze konsidéréieren ass als logement temporaire ewéi Hotel an Apparthotelen, a wou jo elo schons konkret vum Lycée Vauban a vun dem Centre de secours, deen eng Pompjeeskaser an den 112 soll begräifen, geschwat gët. Et ass eng Frechheet an eng Impertinenz sonnergleichen, datt d'Urteel vum Verwaltungsgeriicht eis den "Intérêt à

agir" ofsprécht; sinn déi Leit sech net bewosst, wat do u Verkéier an Niewewierkungen op de ganze Quartier zoukënnt...
Souguer am Innenministère war d'Kommissioun esou wäit gaangen, fir an hiren Avisen ze soen, datt de ganzen Projet iwwerregional Auswierkungen hätt... an do soen d'Richter um Verwaltungsgeriicht mir hätten keen "Intérêt à agir"... Dann verstinn ech och net firwat Leideleng keng IVL-Gemeng ass a mir sin eng: bei hinnen soll d'Zone verte interurbaine protégéiert ginn a bei eis schwëtzt keen dovun, obwuel de Regierungsrot sech engagéiert huet fir déi Zone ze protégéieren..., wat dat och ëmmer heescht. Dann stelle mir fest, datt et seit 2001 eng EU-Direktive iwwert "Plans et programmes" gëtt, déi seit 2004 d'application ass, mä bei eis nach ëmmer net transposéiert ass.
Et gëtt och e Gesetz vum 13.3.2007 op Basis vun der EU-Dir 97/11 iwwert d'"études d'impact", een Deel ass an de Commodo geholl ginn an deen aneren Deel ass am Gesetz vum 13.3.07 verankert: stellt Iech vier do ass 1 Deel nach onkomplett an zwar deen Deel iwwert d'PAG'en an PAP'en – déi aktuell Prozedur correspondéiert net mat der EU-Direktiv, déi säit 1999 a Kraaft ass. Bleift ze hoffen, datt eis Obrechkeet héieren huet, datt d'lescht Woch, wéi et massiv gereent hat, Drosbech ganz eraus war an an der Z.I. d'Stroosse hu misse gespaart ginn wéinst dem Wasser, an datt déi nei Gebeier op der Cloche d'Or Waasser an de Kelleren haten an dat net fir d'éischt.

Dann den Detail vun eise verschiddene Korrespondenzen :

Mir hu bei der Gemeng nogefrot wat op der Nr. 31 an der Pensisstrooss gebaut gëtt. Mir kruten als Äntwert et wier eng Résidence mat 5 Wunnengen, déi vun der Compagnie Crea-Haus gebaut gëtt, d'Äntwert hong aus am Raider fir déi Leit, déi wollten reklaméieren. Dann hu mir och gefrot, wat op der Escherstrooss Eck Gaasperecherstrooss geschitt, mir hun leider do nach keng Antwert kritt. An der Vesquestroos wou en ale Hangar steet, hänkt eng Autorisatioun aus fir en administratif Gebai ze bauen... mir brauche jo sovill Wunnengen....

Dann hu mir gefrot, datt de Stroossebelag vun der rue Lamort soll erneiert ginn. Mir kruten do awer nëmmen en Accusé de réception. Mir hatte jo schon d'lescht Joer gefrot, datt deen Deel vun der Rossinistrooss zur Déportatiounsstrooss soll embenannt ginn, well dat jo elo eng Sackgaass ass a näischt méi mat der Rossinistrooss ze dinn huet; well mir keng Äntwert kruten, hu mir och do erëm e Rappel gemaach.

Dann hate mir jo den 19. November 2004 vun der Gemeng matgedeelt, kritt dat de Gemengerot décidéiert hätt, datt de Panneau, deen um Eck vun der Beethoven an der Plantinstrooss steet, géif, nodeem datt de Chantier fäerdeg wier, op d'Escherstrooss kommen. De Chantier war fäerdeg an de Panneau stong nees op der selwechter Platz. Ech hunn am August 2007 eng Mail gemaach, déi ouni Äntwert bliwwen ass, dun telefonesch am Service nogefrot an ech krut gesot: jo, dat géif net goen, well et wier eng aaner Décisioun geholl ginn. Dorops hin, hu mir den 4. Januar 2008 erëm geschriwwen a mir kruten den 10. Januar eng Äntwert: et gesäit een de Panneau net op der Escherstrooss, et misst eng Permission de Voirie gefrot gin, d'Chauffeuren hätten do besser Zäit fir den Panneau ze liesen asw. Well déi Argumenter awer all mat den Hoer erbei gezu waren, hunn ech du mat der Dr. Adam geschwat an si huet sech un Mme Brasseur an un de Buergermeeschter gewand an de Service ass elo opgefuerdert ginn de Panneau ze versetzen, mir froen eis just: ass do een, de jo zimlech vill Gewiicht an eisem Land huet deen den Panneau net viru senger Dir wëllt hun... uewen an der Zone d'activités Cloche d'Or ass et jo keen Probleem... ma wéi heescht am Nol op de Kapp... Affaire à suivre.

Bleiwen nach d'Situatiounen ze klären, wou mir schonns méi laang gefrot hunn, z.B. e Clignoteur beim Foussgängersträifen an der Gluckstrooss an an der Plantinstrooss op der Héicht vum Fitnesszenter. Mir waarden och nach ëmmer op de Projet vun der Verengung vun der Gluckstrooss an der Entrée vu Gaasperech.

D'Gemeng hat eis jo och 2006 gefrot fir en Inventaire vun de Spillplazen am Quartier ze maachen. Mir hunn doropshin verschidde Membere kontaktéiert, déi nach Kanner an deem Alter hunn an hunn der Gemeng en detailléierten Inventaire era ginn. Mir waren elo nach eng Kéier bei der responsabeler Schäffin, der Mme Loschetter a mir

krute déi heiten Informatiounen mat op de Wee : d'Spillplaz an der rue Pensis, déi 2008 sollt zougemaach ginn, bleift bestoen, déi an der Gaasperecherstrooss, déi sollt aménagéiert ginn an den EU-Normen ugepasst ginn, gëtt net vergréissert, well d'Gemeng sech déi Terrainen réservéiert fir vläicht spéiterhin e Centre ze bauen, wat genau konnt nach net gesot ginn, ersat ginn soll dës Spillplaz eventuell an der rue Louis de Froment op engem Terrain, deen der Gemeng gehéiert, de Pétanqueterrain am englesche Gaart gëtt suppriméiert an wäert eng nei Plaz an der Sauerwiss fannen, do wou elo d'Spillplaz ass, d'Utilitéit vun der klenger Plaz an der Briandstrooss soll 2015 gekuckt ginn. Mir hate jo och gefrot, well jo just déi kleng Spillplaz fir d'Minibutzen um Eck Briandstrooss/Lisztstrooss ass, eng Spillplaz an d'Richard Wagnerstrooss ze kréie wat awer à court terme net virgesinn ass an do géif eng Décisioun geholl ginn am Kader vun engem neie Lotissement um Wakebierg an am Kader vun der Bebauung vum Ban de Gasperich. Da soen se op der Gemeng ëmmer, mir géifen net ugebonnen ginn !!

Dann zum Terrain multisports : 2008 sollt eng mise en conformité vum Terrain multisports rue Chevalier gemaach ginn. Mir haten öfters an de Réuniounen op der Gemeng gesot, wat fir Problemer dat do wären : Nuetsrou, Aggressiounen vis-à-vis vun den direkten Noperen asw. Elo haten dann d'Leit aus deem Quartier d'Nues voll an hunn eng Pétitioun gemaach an un d'Gemeng gescheckt. Dorops hin, si mir dun mat hinen op Gemeng invitéiert ginn, bei den zoustännegen Schëffen, der Mme Loschetter an hun gefrot, datt den Terrain multisports soll ewech kommen. En ass jo eng international Intiative gewierscht an deemols vun der FLF gefrot ginn, wéi se nach zu Gaasperech hiere Siège hat, d'FLF as haut zu Monnerech a mir hunn de Problem. Mme Loschetter, sou wéi d'Servicer sinn sech dem Problem bewosst an hun eis versprach, datt se ëppes géifen ënnerhuelen. Well déi Jonk jo do mat den Autoen kommen, besteet Gefor, wann den Terrain verluegt gëtt, gëtt de Problem nëmmen op eng aner Plaz verlagert ...

Mir hun e Bréif un d'Police gemaach, wou mir si drop opmierksam maachen, datt d'Camioneuren hir Container einfach laanscht den Trottoir ofsetzen wat 1. verbueden an 2. geféierlech ass.
Mir hu proposéiert, datt d'Container, d'Camionen an d'Camionetten sollen op engem groussen Parking wéi deen beim Centre douanier ofgestallt ginn fir hei am Quartier keng Parkplazen ze blockéieren;
Mir hu méi Vitessekontrolle gefrot an dat 24/24 Stonnen sou gutt an der Zone 30 wéi an den Haaptstrosse, wéi d'Gaasperecherstrooss, d'Franklin- an d'Escherstrooss;
Mir hun gefrot, datt de Sens interdit nuets an der rue d'Alsace Richtung Déportatiounsstrooss souwéi d'Circulation interdite an der Mozartstrooss solle kontrolléiert ginn.
Mir hun gefrot, datt den Terrain multisports, verschidde Spillplaze souwéi déi verstoppten Ecker an der Enceinte vun de Schoulen, beim Déierenasyl an an der Hogenbergstrooss owes spéit solle kontrolléiert ginn.
Leider krut ech während enger Réunion vum Comité de prévention op der Gemeng vun eisem Buergermeeschter keng Satisfactioun mee just eng arrogant Äntwert op meng Interventioun hin, datt hei zu Gaasperech Nuets ziemlech vill lass wier a wéi ech him d'Site genannt hunn, huet hien ziemlech aggressiv gemengt, datt déi Problemer sech elo wann d'Bauprojeten uginn vum selwen léisen géifen. Noliesen kann een seng Ausso esouguer am Compte-rendu vun der Reunioun.

Mir haten Réclamatioune kritt, well d'Auer um Rond-point an der Gaasperecherstrooss verschwonne wier. Ech hun telefonéiert an de Service a krut gesot, et géife keng Aueren méi an d'Quartieren gehange ginn, an an der Uewerstat missten der ersat ginn. Ech hun awer gemengt d'Quartieren kéinten bis elo nach net vun engem Abattement op den Taxen profitéieren, also misste mir jo bal gläich behandelt ginn wéi d'Uewerstad oder d'Gare. Dorops hu mir geschriwwen an de Rond-point huet eng nei Auer kritt.

Mir hate schon 2006 gefrot, fir datt wéi an anere Stroosse vum Quartier, an der Richard Wagnerstrooss Beem geplanzt solle ginn, do krute mer eng negativ Äntwert an zwar géif dat gekuckt ginn, wann déi Strooss nei aménagéiert géif ginn, mir froen eis just nodeem datt de Kanal souwéi déi aner Leitungen erneiert gi sinn an e

Wasseropfangbecken gebaut ginn ass, wat dann elo nach soll nei aménagéiert ginn. Bis haut hu mir nach näischt héieren.

Am Kader vum Iwwergang vum Analogen op den digitalen Fernsehsystem hu mir zesumme mat dem Zéissenger Interesseveräin un de Kommunikatiounsminister geschriwwen; dat Lescht, wat mir héieren hun war am Juni 2007, wou hien eis matdeelt, datt hien mat den Cablodistributeuren eenz wier, datt nom 1.1.2008 eng Iwwergangszäit géif ageféiert ginn, wou mir déi verschidde Programmer nach empfänke kéinte. Duerno ass am Oktober an der Press ugekënnegt ginn, datt vum Februar 2008 een den analog kuckt nëmmen nach 20-30 Programmer empfänke kann, mä jiddereen muss awer vun deem Datum un 55.- euros Droits d'Auteurs bezuelen am plaz vun 17,5 euros an datt egal op hien analog 20-30 Programmer oder digital 80 Programmer kuckt. Um Internetsite vum Ministére deelt de Minister mat, datt hien schätzt, datt d'Cablodistributeure bis den 30. November 2011 déi 20-30 Programmer géifen diffuséieren. Mä eng Geweesheet ass, datt si nach ëmmer maache wat si wëlle !! Muss een elo schon feststellen dat vum 1.2. un eng ganz Partie Programmer net méi gesendt ginn. D'Post weist op hirem Internetsite drop hin, datt si ufanks 2008 no enger Testphase um Lampertsbierg hir Servicer kënnen ubidden, mir bleiwen dohanner fir méi gewuer ze ginn..

Dann eng Fuerderung vum IVG un d'Gemengeautoritéiten: 2005 hate mir scho bei de verschiddene Parteie kritiséiert, datt d'Rapporte vun de Sitzungen, den analyteschen also, esou spéit erauskommen, ausserdem hu mir d'Publikatioun vun de Rapporte vun de Commissioune gefrot, sou ewéi déi komplett Publikatioun vum Ordre du jour vum Schäfferot. Leider hu mir och do keng Satisfactioun kritt bis elo... an et gesäit och net esou aus wéi wann eppes sech géif änneren et geet éischter an déi aner Richtung.

Mir begréissen Dialogfreedegkeet vum Schäfferot an datt hien de Bierger dënschdes mueres empfänkt, mir hunn domat kee Problem, mä mir géifen et begréisse wann d'Syndikater géifen iwwert déi Problemer déi de ganze Quartier uginn e Feedback kréieen, soss am aneren Fall froe mir eis wat de Roll vum Syndikat nach ass. Et ass elo fir d'éischt gewierscht, wou mir kontaktéiert gi sinn an dat wéinst dem Terrain multisports. Och vun der Iddi vun der Gemeng Stadtteilbeiräte an d'Liewen zeruffen, wéi dat am Ausland ass hu mir näischt méi héieren.

Mir hunn e Bréif vun der Gemeng kritt, datt se wéi all Joer d'Fréijorsbotz organiséieren an dat vum 17. Mäerz bis den 4. Abrëll : déi Leit déi interesséiert sinn, kënne sech um Telefon 4796-3640 mëllen, et kënne sech awer och Gruppen uginn, fir der Gemeng bei dësen Aarbechten ze hëllefen. (fax 45 39 58 oder email hygiene@vdl.lu)

Dann stong an der Zeitung, datt de Schäfferot on Tour geet an zwar fir iwwert d'Entwécklung vun der Stad an iwwert d'Emsetzung vum blo/gréngen Koalitiounsvertrag ze informéieren, déi Réunioun ass fir Zéisseng, Hollerech, Belair, Märel a Gaasperech den 19. Mäerz um 19.00 Auer zu Zéisseng. Mä macht iech drop gefaast, datt wann een déi richteg Froe stellt leeft ee Gefoer ënnergebottert ze ginn, wéi dat mir elo schons e puermol geschitt ass...

Da ier ech Schluss maache, wollt ech Iech froen op et Iech géif interesséieren, wann mir géifen eng Versammlung maachen, wou mir iwwert den neie Häiserpass géifen opgeklärt ginn ? Et handelt sech hei em eng EU-Direktiv vun 2002, déi elo och bei eis ëmgesat ginn ass an déi säit dem 1.1.2008 a Kraft ass. D'Häiser ginn elo an verschidde Kategorien opgedeelt an et betrëfft d'Neibauten esou gutt wéi déi al Häiser. Wann een nom 1.9.2008 sain Haus verkeeft oder verlount muss esou e Pass, deen 10 Joer gülteg ass ausgestallt ginn. Wann dir interesséiert sidd mëllt iech elo w.e.g. a mir organiséieren esou en Informatiounsowend.

Sou, dat wier et fir mäin Deel. Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Jacquie Lakaff